N°354
Entrée le 18.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n° 354 vun den éierbaren Deputéierten Marc Goergen an Ben Polidori**

1. **Ass gewosst, ob och hei am Land d'Fläschewaasser mat illegale Methoden desinfizéiert gouf ?**

Déi zoustänneg Autoritéiten hu keng Kenntnis vun illegale Methode fir d'Desinfektioun vum natierleche Mineralwaasser oder Quellewaasser bei den nationale Produzenten.

Nëmmen déi am Artikel 5 vum modifizéierte Règlement grand-ducal du 24 mai 1998 concernant l'exploitation et la mise dans le commerce des eaux minérales naturelles autoriséiert Methoden duerfen op natierlech Mineral- a Quellewaasser zu Lëtzebuerg applizéiert ginn. Keng Method, déi per Gesetz net erlaabt ass, gouf vun den zoustännegen Autoritéiten autoriséiert.

Bei den Inspektiounen duerch déi zoustännegen Instanze bei de lëtzebuerger Waasserproduzente goufe keng Hiweiser op Bedruch wat d'Desinfektiounsbehandlungen ugeet fonnt.

2. **Wéi gëtt d'Fläschendrénkwaasser an deem Sënn hei kontrolléiert ?**

D'Qualitéit vum Fläschendrénkwaasser gëtt permanent vun de produzéierende Betriber bei de Quellen a beim Endprodukt iwwerwaacht. Déi kompetent Autoritéite kontrolléieren duerch Inspektiounen, ob d'Betriber dës Iwwerwaachung richteg maachen. Donieft ginn och d'Hygiène, d'Verpackungsmaterial an den Etiquetage kontrolléiert. D'Frequenz vun de Kontrolle ginn op Basis vun enger Risikoanalyse determinéiert.

Zousätzlech gëtt am Kader vun den offizielle Kontrollen d'Fläschendrénkwaasser bakteriologesch a physicochemisch analyséiert. Dobäi gi follgend Substanze bei den Analyse cibléiert: Analgetika, Antibiotiquen, kardiovaskulär Medikamenter, organesch Kontaminanten, Cyclinen, Séisstoffer, Hormoner, Pestizidresiduen an hir Metaboliten, PCB a PFAS.

An deem Sënn konnten déi zoustänneg Autoritéite keng Irregularitéite feststellen.

Lëtzebuerg, den 18. Mäerz 2024

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN